N°1776
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 1776 vum 15. Januar 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

LuxTrust S.A. ass 2005 gegrënnt ginn, den Aktionariat besteet aus verschiddenen Lëtzebuerger Betriber a staatlechen Acteuren, de grousse Cliente vu LuxTrust. Dës Approche gouf zeréck behale fir d'Synergië vun enger esou komplexer an deierer Infrastruktur ze maximiséieren.

De rezentste Kontrakt mat LuxTrust ass 2022 vum Wirtschaftsministère fir de Staat iwwert 3 Joer ofgeschloss ginn, an am Virfeld vun der Commission des soumissions aviséiert ginn.

Et ass aktuell net virgesinn en anere Prestataire ze sichen. Och wann een et kann esou gesinn datt et eng gewëssen Ofhängegkeet vu LuxTrust gëtt, sief drop higewisen datt déi gesamt Infrastruktur vu LuxTrust zu Lëtzebuerg ass, wou den ILNAS dës vun no iwwerwaache kann. D'Carte d'identité ass e physesche Support mat engem héich gesécherte Chip. Aus Souveränitéits- a Reaktivitéitsgrënn huet Lëtzebuerg virgesinn d'Initialisatioun vun dëser Kaart ënnert Lëtzebuerger Kontroll ze halen.

D'Certificaten op de Carte d'identitéen hunn eng Gëltegkeet vu 5 Joer a mussen dofir no 5 Joer erneiert ginn. D'Gëltegkeet vun dëse Certificaten hänkt vun der Robustheet vun de private Schlësselen of déi an de Karte sinn. Et lafe Gespréicher mam ILNAS fir d'Gültegkeet op 10 Joer ze verlängeren.

D'Zertifizéierungsstelle mussen sech un d'Virschrëfte vum Lëtzebuerger Gesetz[1] zu de Vertrauensdëngschtleeschtungen (services de confiance) halen. Am Gesetz ass virgesinn datt eng Kontinuitéit vun de Servicer muss geséchert sinn, och am Fall vun enger Defaillance vun der Autoritéit déi de Certificat ausgestallt huet. Dat heescht datt d'Certificaten zum Beispill un eng aner Zertifikatiounsautoritéit transferéiert ginn, oder datt Oprechterhaalungsservicer opgestallt gi fir d'Benotzer ze schützen.

Déi technesch Stéierung vun Ufank Januar bei der LuxTrust-Identifikatioun war duerch e Softwarefeeler verursaacht ginn.

De CTIE huet fir d'online Servicer vum Staat den eIDAS implementéiert, domat kann een sech mat unerkannten Authentifizéierungsproduite vun 22 Länner bei Servicer wéi MyGuichet.lu aloggen, dorënner och all d'Nopeschlänner vu Lëtzebuerg. Allerdéngs gesäit d'eIDAS Règlement just eng gemeinsam Plattform fir d'Authentifizéierung fir, net fir d'Signature vun elektroneschen Dokumenter.

[1] Article 32 de la loi du 14 août 2000 relative au commerce électronique

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

Dës Situatioun wäert mam Aféiere vum reviséierten eIDAS-Règlement verbessert ginn, well d'Signature qualifiée da mat ofgedeckt gëtt an esou assuréiert gëtt, datt all europäesche Wallet interoperabel ass.

Lëtzebuerg acceptéiert all Certificate vun de Vertrauensdéngschtleeschter (prestataires de services de confiance) déi op der *trusted list*[2] opgefouert sinn.

Lëtzebuerg, den 28/02/2025.

D'Ministesch fir Digitaliséierung

(s.) Stéphanie Obertin

[2] eIDAS Dashboard